

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Am Comité vun der CNS sinn nieft dem Prääsident ee Verrieder vum Staat, fënnef Verrieder vum privaten Salariat, dräi Verrieder vum öffentlechen Salariat, dräi Verrieder vun de Patronen a fënnef Verrieder vun de Beamten vertrueden. Et fällt op, dat hei keng Medezinner vertrueden sënn, wat menger Meenung no awer wichteg wär, well grad si sécherlech duerch hir fachlech Expertise zum gudde Fonctionnement vun der CNS kéint bäidroen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet:

1. Wéi erkläert sech d'Regierung, datt am Comité vun der CNS keng Medezinner vertruede sinn?
2. Ass et an den Ae vun der Regierung net zwéngend noutwenneg a sënnvoll, grad och dëse Gremium mat Medezinner ze besetzen?
3. Wa jo, wéini soll dëst konkret geschéien?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten